



EUROPEAN
JAMBOREE 2020
POLSKA  



 SCOUTING IN
LUXEMBOURG

 NEWSLETTER 3 Lëtzebuergesch versioun



Inhalt

Dei lescht Neiegkeete vum Contingent	3
Wichtig Zuelen	3
Ären CMT	4
Logo vum Contingent	5
Symboleschen Kader	6
ACT Green !	7
Kaart vum Camp	8
Hafe vun Europa	9
Nohaltegkeet	9
lessen a Matériel	10
IST	11
Abschreiwung, Präisser an Delaien	12
FAQ	12
Kontakt	13





Dei lescht neiegkeete vum contingent

Moien,

Mir si frou Iech kenne matzedeelen, dass mir 9 Patrullen (81 Participanten + 9 Cheffen) gefällt kruten. Des Patroulle sinn och schonn all fir den europäesche Jamboree ugemellt an d'Aschreiwunge fir Participant/Chef si elo zou. 😊

Et kann een sech awer nach als IST umellen.

Mat dësem 3ten Newsletter wëlle mer Iech engersäits nei Informatiounen weiderleeden, déi mir vu Polen kruten, an anersäits fannt der hei e Rappell vun den Informatiounen, déi an de leschten Newslettere matgedeelt goufen.

Fir all déi, déi et bis elo nach net gemaach hunn, vergiesst net, eis esou schnell wie méiglech är Nummer vun der carte d'identité oder vum Pass ze schécken.

Vill Spaass beim liesen,

« TIME TO ACT ! »

Fir de lëtzebuenger Contingent,
Ären CMT.

Wichtig Zuelen

DEN JAMBOREE AN ZUELEN

Zuel vun den ageschriwwene Contingenten: 69 ageschriwwene Contingenten

41 Contingente vu 37 verschiddenen europäesche Länner

28 Contingente vu 26 Länner ausserhalb vun Europa

DE LËTZEBUERGER CONTINGENT AN ZUELEN

Unzuel u Gruppen : 15 verschidde Gruppen (3 LGS an 12 FNEL)

Unzuel u Participanten: 81 Participanten

Unzuel u Cheffen : 9 Cheffen

Unzuel u CMT: 5 CMT

Unzuel un IST: 15 IST

Ären CMT

Hei präsentéieren mir iech de CMT vum lëtzebuenger Contingent



BRUNO MARTINS
Chef vum Contingent



VICKY PUNDEL
Administrativ Saachen a Flnanzen



CAROLINE MAITRY
PR & Kommunikatioun



DAVID WOLTER
Transport & Logistik



ANOUK STRASSER
Support & Programm

De Logo vum contingent

Mir si frou iech kennen den offizielle Logo vum lëtzebuenger Contingent fir den europäesche Jamboree ze presentéieren. Mir hunn de Roude Léiw a verschiddene Routtéin ausgesicht, well dëst d'Symbol vun eise Land ass. De Léiw besteet aus dräieckege Formen, wat eist Logo, mam offizielle Logo vum Eurojam a Verbindung bréngt. Mir hunn déi gréng Faarf als zweet Faarf am Logo gewielt, fir un d'Thema vum Camp ze erënneren („ACT GREEN!“). Weiderhin hu mer als Motto: „TIME TO ACT!“

- Dëse Logo wäert fir folgend Saachen benotzt ginn :
 - Dokumentatioun vum Contingent
 - Internetsite an Sozial Netzwierker vum Contingent
 - Merchandising vum Contingent






Symbolesche kader

“D’ABENTEUER ERWAART IECH. DRECKT OP PLAY !”

Am Kader vum europäesche Jamboree 2020, ginn d’Participanten dozou opgefuerdert, bei engem Spill matzespillen, wat scho virum Jamboree ufänkt, d’Finall wäert op der Ofschlosszeremonie stattfannen. D’Spill wäert op der Insel, déi vun de véier Elementer, **Äerd, Loft, Waasser a Feier** ëmginn ass, stattfannen. All d’Aktivitéite vum Programm an d’Liewen um Camp (Kachen, Hygiène,...) sinn Deel vum Spill. Du solls probéieren, de Camp esou ëmweltfrëndlech wie méiglech ze gestalten an deng Frënn dozou motivéieren, géint de Klimawandel virzegoen.



GAME OVERVIEW

„Et ass d’Joer 2020, de Summer ass op der Insel vum europäesche Jamboree ukomm. Waarm Sonnestrale verstoppen sech hannert dem gréngen Horizont an frësch Mieresloft bréngt Erlichterung no engem laangen Dag. Du bewonnere d’Schéinheet vun der Natur a wënschs der, dass och zukünftige Generatiounen dovun profitéiere kennen.“

Eis Welt besteet aus véier Elementer: de Buedem, d’Waasser wat onverzichtbar vir all d’Liewewiesen ass, propper Loft a Feier, wat Energie a Secherheet representéiert.

Mee eisem Planéit geet et net gutt. D’Menschen zerstéieren en. Dofir gëtt et héich Zäit ze agéieren. Wann all Mënsch seng Gewunnechten ännert, géif et en Ënnerscheid maachen. Wëlls de hëllef, eise Planéit ze retten an zukünftege Schued ze verhënneren?“



GOAL OF THE GAME

Alles wat a menger Macht ass maachen, fir eise Planéit ze retten.



GAME BASIC RULES

- Wat méi Partecipante matmaachen, wat d’Chance ze gewanne méi héich ass.
- D’Spill ass zäitlech begrenzt
- D’Spill hält entweder mat engem Versoen oder mat engem Erfolleg op.



ACT Green !

Mir wëllen all Erwuessen a jonke Participant vum europäesche Jamboree dozou motivéieren, un eisem Appell géint de Klimawandel deelzehuelen. Als Generatioun gëtt et héich Zäit eis fir d'Äerd anzesetze fir weidere Schued ze verhënneren. Déi dräi Sainen op deenen den European Jamboree 2020 baséiere si folgend:



De ganze Programm an de Site vum Jamboree hunn als Ziel:

- De Message ze verbreeden, wat de Kampf fir d'Klima ass
- Ze erkläre wéini ee soll agéieren
- Ze motivéieren, dëse Kampf ze féieren
- Ze inspiréieren, wie een dëse Kampf féiert

Mir sinn iwweezecht dass mer net nëmme bei de Scoute mam gudden Beispill solle virgoe mee och an der Gesellschaft allgemeng.



Kaart vum camp



SOUS-CAMP :

D'Unitéite schlofen op verschidde Sous-Campen, hei fënnt d'aldeeglecht Liewe vun de Participante statt- hei ass et, wou d'Participanten hier Deeg ufänken an ophalen. D'Sous-campe sinn déi Platzen, wou d'Scouten an d'Guiden aus verschiddene Länner zesumme liewen- campen, kachen an hier Fräizäit verbréngen. All Sous-camp gëtt vun enger eegener Ekipp koordinéiert. Et gëtt ee „Sub Camp Centre“ wou all d'Unitéitscheffe fir Versammlungen zesumme kommen. Dëse „Sub Camp Centre“ soll d'Cheffe bei all Froen a Problemer ënnerstëtzen an et kritt en do allméiglech Informatiounen.



Port de l'Europe

Den Hafe vun Europa wäert d'Häerz vum Jamboree sinn- et wäert am Zentrum vum Duerf vum Jamboree leien. Hei huet all Contingent seng Zelter a bitt en Owesprogramm fir d'Participanten un. Des Zelter sinn an engems och Büro an Aarbeschtsplaz vum CMT.



Développement durable

Ee vun den Haptziler vum Europäesche Jamboree ass et, de Leit d'Nohaltegkeetsziler vun der europäescher Unioun bewosst ze maachen an d'Leit ze motivéieren, un dësen Zieler ze schaffen. ACT GREEN soll déi wichtegst Iddi sinn, fir all Mënsch deen un dësem Event deel hellt. ACT GREEN steet ganz staark a Relatioun mat deene 17 weltwäiten Zieler an et soll all Mënsch dozou encouragéieren, nohalteg a responsabel mat der Ëmwelt ëmzegoen. Eist Haaptzil ass et, dass all Mënsch erwëscht a begräift, dass keng Zäit méi soll verschwënnt ginn an et ELO Zäit ass ze handelen. Den Eurojam soll sou nohalteg an ekologesch wie méiglech organiséiert ginn. Dat heescht dass mir eis Méi ginn:

- Sou mann wei méiglech Offall ze produzéieren a sou mann wie méiglech Waasser an Energie ze verbrauchen
- D'Participanten a pre-jamboree ACT GREEN Aufgabe matanzebezéien
- All Participant, Chef a CMT ze weisen, wei kleng Ännerungen am aldeegleche Liewe kennen e groussen Afloss op der Welt hunn
- All Mënsch ze inspiréieren, aus dëser Welt eng besser a méi gréng Plaz ze erschafen.



lessen a material

FIR D'PARTICIPANTEN A CHEFFEN :

Um Jamboree ginn et Butteker, wou d'Participanten hiert lesse mat pre-paid Kaarte kafen. Am Ufank vum Camp kréien d'Unitéitscheffe Kaarte mat engem Budget, dee fir d'lessen vum ganze Camp duergeet. Am Buttek gëtt et lesse fir Moies, Mëttes an Oves. D'Unitéitscheffe wäerten all Dag an de Buttek goen a genuch fir dee Dag selwer akafen. Dëst soll ze vill Reschter um Camp evitéieren an et gëtt kéng Méiglechkeet, d'lessen op de Sous-Campe kal ze lagere.

D'Haaptiddi vun dese Butteker ass et, dass d'Unitéiten an d'Patrullen hiert lesse selwer plangen an organiséieren. D'Organisationsteam vum Jamboree stellt e Kachbuch zesummen, dat all Patrull kritt. Dëst Kachbuch enthält Rezepten fir all lesse wat et während dem Jamboree gëtt.

Et gëtt och ugepassten lesse fir Allergiker oder Léit déi duerch hier Relioun oder Kultur aner lessgewunnechten hunn.



FIR D'ISTEN:

D'ISTEN, de CMT an d'Organisationsteam vum Jamboree iessen an der Kantin an mussen net kachen.



MATERIAL FIR D'UNITEIT :

D'Participanten um Jamboree kréie Kichematerial bei der Arrivée um Camp.

D'Unitéitsequipement enthält all Néideges fir véier Patrullen (36 Participanten a 4 Cheffen) fir ze kachen. All Unitéit kritt och en Ennerdaach, Dëscher a Bänken.

Des Unitéitsequipement enthalte keng perséinlech Saache wie Telleren, Besteck, Becheren, Schlofsäck oder Zelter.



IST

Fir d'ISTen gëtt et elo Zäit, hier Aarbecht erauszesehen! ☺

Als éischt informéiere mir iech, dass mir am Februar 2020 en Preparatiouns- a Formationstreffen fir all d'ISTen organiséieren. Den Datum an d'Plaz ginn nach matgedeelt.

Des weidere biede mer d'ISTen de Job-Katalog (<http://bit.ly/ISTjoblist>), opmierksam ze liesen. Hei fannt der all d'Informatiounen iwwert déi verschidden Aarbechten a Servicer um Jamboree.

Duerno mussen d'ISTen déi 3 Positionen (Aarbechten), déi se am léifste wëllen oder am beschte kennen, uginne an en éischten, zweeten an drëtten Choix treffen. Wann si sech fir 3 Saachen entscheeden hunn, mussen se folgende Formulaire ausfüllen : <http://bit.ly/ISTjobformular>

Mir bidden iech dës Choix esou séier wéi méiglech ze treffen an de **Formulaire bis spéitstens den 1. Dezember** auszufüllen.

PRE-SELECTED IST FOR CONTINGENT JOBS :

Mir brauchen 3 ISTen, déi sech fräiwëlleg mëlle fir folgend Aarbechten ze iwwerhuelen:

- PRE-PGM-02-Evening Programme (Contingent's Input)
- PRE-PGMS-03-Scoutcraft Modules (Contingent's Input)

Dës 3 Persounen hunn dierfen zesammen Aktivitéite vun eisem Contingent vir aner Participante vum Jamboree plangen an organiséieren.

TRANSPORT VIR D'ISTEN :

Mir bidden iech ären Transport ze organiséieren nodeems der wësst, wéi eng Aarbecht der zougedeelt krut. Déi polnesch Fluchgesellschaft LOT huet eng Offer vu 15 % fir déi, déi op Gdansk fléien. Wann dir Hëllef braucht, fir d'Organisatioun vum Transport, zéckt net eis eng Mail ze schécken.

IST ADVENTURE PROGRAMM :

Den IST Adventure Programm ass en extra Deel vum Programm, deen den IST d'Méiglechkeet gëtt, verschidde Regiounen aus Polen ze gesinn an nei Leit aus anere Scoutsgruppen aus Europa an der Welt kennenzelieren. D'Plaze vir un dësem Programm deelzehuelen si limitéiert a kaschten extra.

Polen ass e wonnerschéint Land mat aussergewöhnlecher Natur: Bierger, Bëscher a Séien, gréisser Stied a kleng Dierfer. Den Adventure Programm bitt e Katalog un, mat verschiddenen Trips duerch ganz Polen, déi aus zwee bis dräi Deeg Aktivitéite bestinn. Déi eng sinn Expeditiounen, déi aner si Besichtigunge vun interessante Plazen. D'ISTen hunn vill verschidde Méiglechkeeten: Wandern, Kayak fueren, Vëlo fueren, sein Wëssen ze erweidern iwwert Traditiounen aus der polnescher Kultur, iwwert d'Gastronomie, d'Geschicht an d'Awunner.

Weider Bemierkungen zum Adventure Programm :

- D'Participante vun dësem Programm mussen hiren Transport bis op den Depart selwer organiséieren, nom Trip organiséiert d'Ekipp vum Jamboree den Transport bis op d'Campplaz vum Jamboree.
- De Präis ass ënnerschiddlech vir déi verschidde Reesen an ass net am Präis vum Jamboree mat abegraff
- Dës IST Adventure Reese fannen tëschent dem 20 an 24 Juli 2020 statt. (All IST muss de 25 Juli um Site vum Jamboree ukommen)
- D'Beschreiwunge vun den eenzele Reesen an d'Aschreiwung fannt der vun November 2019 bis Februar 2020 um Site: <https://ej2020.org>
- D' »IST Adventure« si vir maximum e Véierel vun all den ISTen geplangt.



Aschreiwung, präisser an delaien

Hei fannt der eng Tabell mat der Zesummefaassung vun den definitive Präisser fir d'Participanten, d'Cheffen an d'ISTen fir de Jamboree 2020 a Polen. Mir hunn d'Delaien nei ugepasst. Hei fannt der och eng Tabell mat den neien Delaien, déi anzehale si fir ze bezuelen:

ASCHREIWUNGSDELAI ::

Katégorie	Aschreiwung
Participant	Fäerdeg
Chef	Fäerdeg
IST	Bis den 1. Dezember 2019

DEFINITIV PRAISSER ::

Katégorie	Définitive Präis
Participant	900€
Chef	900€
IST	430€

DELAIEN VUN DEN ACOMPTEN :

Tranches	Bis den	Montant
1ten acompte	Bei der Aschreiwung	100€ fir jiddereen
2ten acompte	Bis den 31. Oktober 2019	500€ fir Participanten a Cheffen
	Bis den 31. Dezember 2019	250€ fir d' ISTen
3ten acompte	Bis den 29. Februar 2020	300€ fir Participanten a Cheffen 80€ fir d'ISTen

Foire aux questions (FAQ)

MEI INFORMATIOUNEN IWWERT DE PREPARATIUNSWEEKEND:

Den 9-10 Mee 2020 fënnt de Preparatiounsweekend am Neihaischen statt fir all Participant, Chef an IST vum lëtzebuerger Contingent. D'Thema vum Weekend ass „IT'S TIME TO ACT“ a mir wäerten d'Méiglechkeet hunn, eis fir d'Ëmwelt anzusetzen. Des weideren hutt der d'Méiglechkeet, är Patrull kennenzelieren an u Preparatiounsaktivitéite fir den Jamboree a Polen deelzehuelen.

WEIDER DETAILER IWWERT D'VISITT VUM JAMBOREE

Den europäesche Jamboree ass vum 29. Juli 2020 bis de 5. August 2020 vu moies 10 bis owes 8 Auer op fir „Day Visitors“. Dei Leit, déi den Jamboree wëlle besiche, mussen sech en Ticket kaafen. Des Tickete ginn et online an am centre d'enregistrement Amber Expo ze kafen. Een Ticket kascht 20 PLN. D'Unzuel vun den Ticketen, déi pro Dag verkaf ginn, ass limitéiert fir ze vermeiden, dass zevill Lei top engem Dag kommen. De „Day visitors“ Büro bitt visites guidéen un. Berécksiichtegt wann ech gelift dass „Day Visitors“ de Site neme während den uewen erwäanten Deeg an Auerzäite besiche kennen.





Kontakt vum contingent

INTERNETSITE:

All d'Informatiounen iwwert de lëtzebuurger Contingent (Neiegkeeten, Downloads, CMT an Kontakter) an iwwert den Jamboree 2020 fannt der op eisem Internetsite:

<https://ej2020.sil.lu>

SOZIAL NETZWIERKER ::

Facebook : <https://www.facebook.com/ej2020lu/>

Instagram : <https://www.instagram.com/ej2020lu/>

E-MAIL :

Bei wéidere Froen, schréift eis eng Mail : ej2020@sil.lu

#ej2020lu

#ej2020

#europeanjamboree2020

#scoutsandguidesACT





EUROPEAN
JAMBOREE 2020
POLSKA  

 SCOUTING IN
LUXEMBOURG



NEWSLETTER 3 lëtzebuergesch
versioun